

# Politiker am Social Web

## Wéi Facebook a Co. d'Lëtzebuerger Politik veränneren

Luc Belling

Sozial Plattformen ewéi Twitter a Facebook gehéieren zum Alldag vu ville Mënschen a sinn e wichtegt Kommunikatiouns- an Informatiounsmëttel. Deemno ass et net erstaunlech, datt och ëmmer méi Politiker de Wee op dës Netzwierksäite fannen. Esou erklärt den Xavier Bettel: „Politiker sinn do fir d'Leit, an de Facebook ass eng Méiglechkeet fir mat Leit Kontakt ze hunn“.<sup>1</sup> Déi lescht Wahlen am Oktober hunn d' Tendenz vun engem Wahlkampf, deem ëmmer méi am virtuelle Raum gefouert gëtt, duerchluecht an deem eng Internetpräsenz net nëmme vun den eenzelne Parteien, mee och vun de Politiker méi noutwenne gouf.

Sécherlech kann dem Jean-Claude Juncker seng Ausso net widderluecht ginn, datt dësen „iwwerdringenden Ëmgank mam soziale Kommunikatiouns- an Netzwiesen“<sup>2</sup> keng direkt Auswierkung op d'Wahle geholl huet; awer eng Tendenz zur Digitaliséierung vun der Politik ass duerchaus erkennbar. Allgemeng kann dohir festgestallt ginn, datt dës Kommunikatiounsplattformen hautdesdaags eng weider Bühn duerstellen, op där Politik gemaach gëtt an op déi besonnesch Beruffspolitiker reegelméisseg zrëckgräifen.

### De Facebook als politesch Bühn

De Soziolog Erving Goffman huet a sengem Buch *The presentation of self in everyday life*<sup>3</sup> beschriwwen, datt all Aktioun vu Mënschen an der Ëffentlechkeet, ëmmer en Optreitt virun engem Publikum duerstellt. Dat allgemengt Zil vu senger Recherche war et opzeweisen, wéi „[...] der Einzelne sich selbst und seine Tätigkeit anderen darstellt, mit welchen Mitteln er

den Eindruck, den er auf jene macht, kontrollieren und lenkt, welche Dinge er tun oder nicht tun darf, wenn er sich in seiner Selbstdarstellung behaupten will“.<sup>4</sup> Fir d'Beschreibung vun dësen Inszenéierung benotzt de Goffmann d'Metapher vum Theater, an där d'Acteure virun engem Publikum Illusiounen erschafen, obscho bei Politiker dës Metapher duerchaus méi wuertwäertlech geholl ka ginn.

Vill méi nach wéi ob Privatpersounen schéngt dës theoretesch Iwwerleeung vum Goffman nämlech op Politiker zouzetreffen, deenen hir beruflech Existenz gréisstendeels duerch de Wielerwëllen entscheet gëtt; deemno kënnen Wahlen erëmispigelen, ob den Optreitt vum Politiker iwwerzeegend war oder net. Dohier stellt sech d'Fro, ob net souwisou all Politiker ëmmer en Acteur an der Ëffentlechkeet ass an op dobäi d'sozial Medien net einfach nei Méiglechkeete fir Selbstinszenéierung symboliséieren? D'sozial Netzwierker verlaangen zum enge keng physisch Präsenz vum Politiker, zum aneren erméiglechen se him, ouni vill Opwand mat enger héijer Unzuel vu Leit a Kontakt ze trieden.

De Facebook-Account, dee mëttlerweil ville Politiker als perséinlech Bühn déngt, erméiglecht deemno eng grouss Vernetzung mat anere Persounen. Wéi eng Dimensiounen dës Vernetzungen unhuele kënnen, huet als éischte Politiker a Lëtzebuerg den Xavier Bettel, deem eng konsequent „mise en scène personnelle“<sup>5</sup> op Facebook duerschféiert, wouer geholl, wou hie mat sengem Profil déi deemoleg Grenz vu 5 000 Frënn erreecht hat a keng weider Leit a sengem Netzwierk ophuele konnt (mëttlerweil gouf dës Barrière opgehewen). Doropshin huet hie missen eng Säit als „Person des öffentlichen Interesses“ grënnen, déi am Normalfall vu berühmte Persounen fir hir Fans erstallt ginn. Dës Säite kënnen vu Facebook-

---

**Allgemeng kann dohir festgestallt ginn, datt dës Kommunikatiouns plattformen hautdesdaags eng weider Bühn duerstellen, op där Politik gemaach gëtt [...]**

---

De Luc Belling ass Chercheur en formation doctorale am Beräich vun der Internetlinguistik am Institut fir Lëtzebuerger Sprooch a Literatur vun der Uni Lëtzebuerg.



Notzer abonniert ginn, fir gewuer ze ginn, wat am Liewe vun de berühmte Perséinlechkeete passéiert. Em Xavier Bettel seng Säit huet méttlerweil iwwer 20 000 Abonnementer, sou datt och bei him vun engem „Promistatus“ a Lëtzebuerg geschwat ka ginn. Och wann net all Politiker esou Gréisstenuerdnungen un Netzwerkkfrënn opweise kann, sou ginn awer d'Dimensiounen bewosst, déi dës digital Kommunikationsmëttel erreeche kënnen.

### D'Opkomme vun enger Like-Gesellschaft

Nieft der Unzuel un Netzwerkkontakter ass virun allem awer och d'Visibilitéit vun de Politiker vu Bedeutung, déi besteet, wann hir Bäitrag och vu ville Leit gelies ginn. Op soziale Plattformen ewéi Facebook kann dës ë. a. mat Hëllef vum Like-Button zum Deel gemooss ginn. Mat dëser Ikon, déi en héich gehalenen Daum duerstellt, kënnen Leit hir Sympathie a Wäertschätzung fir e veröffentlechten Bäitrag ausdrécken. Fir weider an der Theatermetapher vum Goffmann ze bleiwen, kënnen Bewäertungen méttels vun digitalen Daumen als Applaus vun engem Publikum fir eng bestëmmte Performance verstane ginn.

Dat rezente Beispill vun engem groussen medialen Interessi wéinst dësem 'Like-Button' gouf et bei den initiale Koalitioungesprächer vun der momentaner Regierung, wou déi éischt Kéier op de Begrëff „Gambia“ an der Presse verwise gouf. Iwwer Nuecht sinn op Facebook zwou géigesätzlech Gruppen entstanden („Gambia Koalitioun Letzebuerg“ an „Nee Merci! Géint eng dräier Koalitioun tëscht LSAP, DP an déi Gréng!“), wou unhand vun de Likes probéiert ginn ass, e Stëmmungsbild an der Populatioun ofzeliesen. Banne kierzter Zäit hu béid Gruppe méi ewéi 5 000 Likes kritt. Dës Biergerinitiativen hunn duerch hir enorm Popularitéit och séier de Wee iwwer déi digital Grenze vun de soziale Medien an déi national Presse fonnt, wou si virgestallt a kontrovers diskutéiert goufen.<sup>5</sup>

### Iwwergank vu sozialen zu öffentliche Medien

Iwwerhaapt schéngen d'Grenzen tëscht de soziale Medien, an deene privat a subjektiv Contenuen vun eenzelne Persounen verbreet ginn, an de Massemedien, déi sech ëm d'Distributioun vun nationalen an internationalen Noriichte bekëmmern, ëmmer méi ze verwëschen. Besonnesch dës politesch Bühn op Facebook réckt ëmmer méi an den Interessi vun den nationale Medienorganen a suergt domat zum Deel fir grouss Debatten.

An de leschte Méint huet ë. a. dem Justin Turpel säi Commentaire vum 13. November iwwer dem Michel Wolter seng Begrëssung an der Chamber („Moien, du Aasch. Bass du och lo hei!“) fir vill medial Opreegung gesuergt. Net nëmmen, datt dës Noriicht vum Deputéierten op sengem eegene Profil 170-mol kommentéiert gouf an 183 'Likes' krut, se gouf och nach vun 191 anere Facebook-Notzer an hirem eegene Profil verbreet.<sup>7</sup> Nieft dëser rasanter, vernetzter Weidervermëttlung innerhalb vu Facebook hunn och déi national Medien verstärkt vun dësem Virfall bericht, sou datt déi öffentliche Präsenz vun dësem Dossier esou bedeitend gouf, datt den Här Wolter sech offiziell beim Justin Turpel fir dës Virfall entschëllegt huet. Eng éischt Rechtfertegung vum Michel Wolter gouf interessanterweis och iwwer eng weider sozial Medienplattform, d'Commentairesektioun op rtl.lu, eragereecht.<sup>8</sup>

Méi nach wéi d'Matdeelung vum Justin Turpel huet e Message vum ADR-Deputéierte Roy Reding a sengem Facebook-Profil zu kontroversen Diskussiounen gefouert: „Den Te Deum ass doud. Vive den Te Gayum ???“ (26.11.2013)<sup>9</sup>. War em Justin Turpel seng Ausso nach bezunn op eng privat Entrevue, esou ass bei dësem Message eventuell e gewësse politesche Kalkül ze erkennen.

D'Fro, déi een sech bei esou Veröffentlechungen vu Politiker stelle kann, ass ob all Medieninteressi,

och wann et wéi an dësem Fall virun allem schlecht Presse bewierkt huet, net awer besser ass, wéi guer kee Medieninteressi?

D'Positioun vum Politiker bréngt awer numol eng ëffentlech Stellung an der Gesellschaft mat sech, wou de Kontakt mam Bierger eng elementar Aufgab representéiert. A wann d'Plattform vu Facebook oder anere soziale Medie vun de Politiker als Kommunikatiounsorgan an Usproch geholl gëtt, da muss domat gerechent ginn, datt all Publikatioun vun hinnen och negativ Konsequenzen no sech zéie kann. Do stellt sech ofschléissend d'Fro, wéi eng Inhalter d'Politiker mat hirem Netzwerck deelen, woubäi ganz ënnerschiddlech Kommunikatiounsstrategie festzestellen sinn.

### Privatsphär vu Politiker – en Oxymoron?

De Goffmann ënnerscheet bei senger Analys vu Performancë virun engem Publikum tëscht „front stage“ a „back stage“. Dat éischt representéiert d'Bühn, op där den Acteur seng Roll virun engem Publikum spillt a sech bewusst ass, datt e sech an der Ëffentlechkeet ophält an dann existéiert nach de Beräich hannert der Bühn („back stage“), wou den Acteur seng Roll ofleeë kann an eng Privatpersoun ouni Publikum ass.

Eng vun de gréisste Gefore beim Ëmgank mat de soziale Medie ass eng Opléisung vun der Privatsphär duerch den ëffentlechen Informatiounsfloss. Dës Opléisung vum Privaten ass och bei ville Politiker feststellen, déi politesch Statements („front stage“) mat privaten Informatiounen a Fotoe vermëschen („back stage“). Esou huet de Xavier Bettel selwer an enger Fernsehmissioun gesot, datt hie während de Koalitionsgesprécher net esouvill Zäit hat, fir op Facebook aktiv ze sinn an de Leit matzedeelen „wat ech de Mëtte giess hunn“.<sup>10</sup> Dëse fleissenden Iwwergang vun Ëffentlechem a Privatem hu Kies/Dumont scho bei de Wahlen 2009 festgestallt: „Facebook a été utilisé par les candidat(e)s non pas tant pour transmettre des messages politiques que pour créer un lien plus informel et personnel avec les électeurs. Il pourrait être comparé à une „vitrine poli-

tique personnelle“ à travers laquelle les candidat(e)s tentent d'acquérir et de fidéliser leurs sympathisants en partageant des moments de leur vie privée et intime“.<sup>11</sup> Sinn esou Ablécker an d'Privatsphäre vun de Politiker fir d'Lieser éischer eng spannend Form vu Voyeurismus oder verléieren d'Politiker doduerch eventuell u Wielergonscht, well dës als onseriéis interpretéiert ka ginn?

Dës Fro muss wuel all Persoun fir sech selwer entscheeden, souwuel de Lieser wéi och de Politiker. Jidderee muss schliisslech selwer bestëmmen, ob e gewëllt ass, déi weening Privatsphär, déi een am Liewen hautdesdaags nach huet, méttels sozialer Medie mat anere Leit deele wëll. ♦

**D'Positioun vum Politiker bréngt awer numol eng ëffentlech Stellung an der Gesellschaft mat sech, wou de Kontakt mam Bierger eng elementar Aufgab representéiert.**

1 Zitat aus der RTL-Fernsehmissioun: „Oktoberrevolutioun: Mer wëlle NET bleiwe wat mer sin?“ vum 15.12.2013

2 Ibid.

3 Goffman, Erving (1959): *The presentation of self in everyday life*. Doubleday & Company, New York

4 Goffman, Erving (2010): *Wir alle spielen Theater: die Selbstdarstellung im Alltag*. Aus dem Amerikanischen von Peter Weber-Schäfer. Vorwort von Lord Ralf Dahrendorf. München/Zürich, S. 3.

5 Zitat vum Politolog Philippe Poirier an der RTL-Fernsehmissioun: „Oktoberrevolutioun: Mer wëlle NET bleiwe wat mer sin?“ vum 15.12.2013

6 <http://news.eldo.lu/aktuell/headlines/30726.html/43934.html> - (opgeruff: 07.01.2014) <http://lifestyle.rtl.lu/kachen/dossier/480501.html> - (opgeruff: 07.01.2014). <http://www.wort.lu/de/view/gambia-koalition-die-geschichte-eines-besonderen-begriffs-526d5bf3e4b0b743e97f4c6f> (opgeruff: 07.01.2014) <http://www.tageblatt.lu/nachrichten/luxemburg/story/30288823> (opgeruff: 07.01.2014).

7 Am Profil vum Justin Turpel ass dës Noriicht nach ëmmer ëffentlech fir all Facebook-Member zougänglech (opgeruff: 07.01.2014).

8 En detailléierten Abléck an d'Struktur vun RTL-Commentairë bitt de *forum*-Artikel aus der Ausgab 331 vu Belling/ Marteling.

9 Am Profil vum Roy Reding ass dës Noriicht nach ëmmer ëffentlech fir all Facebook-Member zougänglech (opgeruff: 07.01.2014).

10 Zitat aus der RTL Fernsehmissioun: „Oktoberrevolutioun: Mer wëlle NET bleiwe wat mer sin?“ vum 15.12.2013

11 Kies, Raphaël/ Dumont, Patrick (2009): *Symbole d'une web-mutation de la campagne*. An: d' Lëtzebuerger Land vum 11.06.2009. <http://www.land.lu/2009/06/11/symbole-dune-web-mutation-de-la-campagne/>



**Justin Turpel**

13. November

Haut éischt Sitzung vun der Chamber, mat Vereedegung. Zuvirkommend an engagéiert Personal, frëndlechen Empfang duerch all Deputéiert. Just eng Ausnahm - de Michel Wolter; hie kënnt op mech zou a seet: "Moien, du Aasch. Bass du och lo hei!" A stellt direkt kloer, datt dat kee Witz a seriö gemengt ass ...